Batterieleeschtung, ënnerstëtzt d'Optimiséierung vun der Notzung vum Gefier a kann zur Senkung vun Entretiens- a Betribskäschte bäidroen.

- Bereetstellung vum SoH-Status a %
- Analys vun den Date vum Batteriezoustand fir d'Optimiséierung vu Gefierflotten an individuellen Musteren vun der Benotzung
- Ënnerstëtzung beim Entretien, der Garantie a beim Weiderverkaf
- (Prädiktiv) Gestioun vum Service, der Reparatur an dem Verschläiss
- Verwaltung an Individualiséierung vun der Garantie vum Gefier
- Estimatioun vum Reschtwäert an der Prognosentwécklung
- Vermaartung vu gebrauchten, neien a beschiedegte Gefierer
- Verwäertung an Demontage vu beschiedegte Gefierer

2. Iwwerwaachung a Steierung vum Gefierstatus
De But ass et, den allgemengen Zoustand vum Gefier kontinuéierlech ze erfaassen a relevant Prozesser ze steieren. Dëst ënnerstëtzt esouwuel d'Anhale vu gesetzleche Virgaben ewéi och d'Weidervermaartung an d’Gestioun vun de Schied.

- Gestioun vun Accidenter a Schied vum Gefier
- Schuedrapporten zur Ënnerstëtzung vun de Prozesser vun der Weidervermaartung
- Iwwerwaachung vun Emissioune vum Gefier a gesetzlechen Ufuerderungen
- Analys vu Risiken a Risikoprüfung

3. Prouf vum Zougrëff a Berechtegung fir d'Benotzung
Virun der Notzung vum Déngscht gëtt iwwerpréift, ob déi betraffe Persoun all déi technesch a rechtlech Viraussetzungen erfëllt. Dës Prouf erfollegt duerch de Serviceprovider.

- Initial Prouf vun der Berechtegung fir d'Benotzung
- Validéierung vun den technesche Viraussetzunge fir d' Notzung vu SoH-baséierten Déngschter

**D. Datekategorien**

D'Volkswagen Group Info Services AG empfänkt konkret déi follgend Kategorie vu perséinlechen Donnéeë vun der Volkswagen AG (Berliner Ring 2, 38440 Wolfsburg), Audi (Auto-Union-Str. 1, 85057 Ingolstadt), ŠKODA AUTO a.s. (tř. Václava Klementa 869, 293 01, Mladá Boleslav) a SEAT CUPRA, S. A. U. (Autovía A-2, km 585, 08760 Martorell) a leet se un de Serviceprovider, mat deem Dir e Kontrakt ofgeschloss hutt, weider:

- Identifikatiounsnummer vum Gefier
- Mark vum Gefier
- Abonnement-ID
- Zoustand vun der Batterie (State of Health/SoH) an % oder Prozentberäich
- Kilometrage beim leschten SoH-Wäert
- Datum vum leschten SoH-Wäert

D'Volkswagen Group Info Services AG kritt vun dem Serviceprovider, mat deem Dir een Kontrakt ofgeschloss hutt, d'Kontraktnummer/-dokumentatioun fir den ofgeschlosse Kontrakt tëscht dem Serviceprovider an Iech, fir dass séchergestallt ka ginn, datt déi uewen beschriwwen Daten nëmme beim Virleie vun engem gültege Kontrakt tëscht dem Serviceprovider an Iech vun der Volkswagen Group Info Services AG bereetgestallt ginn.

